N°2868
Entrée le 15.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.09.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Laut engem rezenten Artikel, deen de 14. September 2025 publizéiert gouf, schléit d'Organisatioun "White Tigers", déi sech zënter 2024 géint Mobbing an de Schoulen asetzt, Alarm. Si weisen op eng besuergneserreegend Situatioun hin, wou et schéngt, datt organiséiert "Gangs vu Mobber" an eise Schoulen aktiv sinn.

Dës Informatioun ass besonnesch beonrouegend am Kontext vun der Schoulrentrée, wou vill Kanner a Jugendlecher nees mam Risiko vu Mobbing konfrontéiert sinn. D'Tatsaach, datt eng extern Organisatioun wéi d'White Tigers aktiv ginn ass, fir betraffe Kanner ze hëllefen, weist op eventuell Lücken an eisen aktuellen institutionelle Schutzmoossnamen hin.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert de Minister d'aktuell Situatioun vu Mobbing an de lëtzebuergesche Schoulen, a leien dem Ministère konkret Zuelen iwwert d'Entwécklung vun dësem Phänomen iwwer déi lescht Joren fir?

2. Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung aktuell implementéiert, fir Mobbing an de Schoulen ze bekämpfen, a wéi gëtt d'Effikassitéit vun dëse Moossnamen evaluéiert?

3. Gëtt et eng offiziell Zesummenaarbecht tëscht dem Ministère an Organisatioune wéi de "White Tigers", déi sech géint Mobbing asetzt, a wa jo, wéi gesäit dës Zesummenaarbecht aus?

4. Wéi eng zousätzlech Ressourcen a Programmer plangt d'Regierung anzeféieren, fir dem

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Phänomen vun organiséiertem Mobbing ("Gangs vu Mobber") entgéintzewierken?

5. Wéi ginn Enseignanten a Schoulpersonal geschoult, fir Mobbing ze erkennen an dorop ze reagéieren, a ginn et spezifesch Formatiounen zum Thema "Gangs vu Mobber"?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés